



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé  
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1689 vum 19. Dezember 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Gérard Schockmel an Här André Bauler.**

1. Ginn et Stéchprouwe fir ze kontrolléieren, ob d'Dokteren sech och un déi aktuell Reegelen halen?

Am Fall vu Meldungen, souwuel vun Apdikte wéi vum Collège médical, mécht d'Gesondheidsdirektioun eng Enquête an hält, den Ëmstänn entspreichend, déi néideg Mesuren. D'Gesondheidsdirektioun mécht keng Stéchprouwen op Prescriptionen, well se keen Accès op Prescriptionen huet.

Am Kader vun hire Kompetenze wat d'Prise en chargë vun de Prestatioune betrëfft, mécht d'CNS Kontrollen "a posteriori", d.h. op Basis vun den Donnéeën vun der Prise en charge déi der CNS zur Verfügung stinn.

Beim Verdacht op eng onberechtigt Prise en charge, féiert d'CNS zousätzlech Ënnersichungen duerch, ënner anerem an Zesummenaarbecht mam Contrôle médical vun der Sécurité sociale. Wann d'Faite op e Verstouss vun de gesetzleche, reglementairen oder konventionelle Bestëmmungen, deenen den Dokter ënnerläit, hiweisen, gëtt d'Commission de surveillance vun der CNS mam Dossier beoptraagt.

2. Ass de Collège médical scho mat Fäll vu Mëssbrauch befaasst ginn? Falls jo, wéi vill Fäll waren dat?

Am Kader vun enger Prise en charge vum Medikament OZEMPIC, huet d'CNS, bis haut, d'Commission de surveillance wéinst engem Dokter saiséiert. De Collège médical deen och an der Commission de surveillance vertrauden ass, ass sou mat och iwwert den Dossier informéiert.

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet  
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez